DEMOKRATESCH PARTEI

# ZUKUNFT OP LËTZEBUERGESCH

# WALPROGRAMM DP

## MOBILITÉIT & INFRASTRUKTUREN

Pressedossier

# Mir investéieren an d'Zukunft!

10 Milliarden Euro: nach ni ass a 5 Joer esou vill investéiert ginn, ewéi an der leschter Legislaturperiod. Dës Rekordinvestitioune goufen ë.a. genotzt, fir wichteg Infrastrukturen an de Beräicher Transport, Schoulinfrastrukturen a Wunnengsbau ze realiséieren. Gläichzäiteg huet déi DP-gefouert Regierung de Budget sanéiert an den Defizit am Staatsbudget vun 350 Milliounen Euro am Joer 2012 an en Iwwerschoss vun 850 Milliounen Euro am Joer 2017 verwandelt. Esou hu mir Lëtzebuerg erëm prett fir d'Zukunft gemaach, mam néidege finanzielle Spillraum, fir och déi nächst Joren an eis Infrastrukturen ze investéieren.

## E Bilan, dee sech weise léist

An der Mobilitéit huet d'Regierung eng Partie Succèsen ze feieren: den Tram rullt an d'Gare am Pafendall mat hirem Funiculaire ass e groussen Erfolleg. An awer muss d'Mobilitéit weider a konsequent optimiséiert ginn. Den Nohuelbedarf, deen déi läscht Regierunge bei de Mobilitéitinfrastrukturen hannerlooss hunn, ass enorm. Dofir wäert D'DP eng **Mobilitéitsoffensive** starten, andeems mir déi néideg finanziell Mëttel fräiginn, fir wichteg Investitiounen an eis Stroossen an an den ëffentlechen Transport ëmzesetzen; an zwar méi séier wéi geplangt.

**Nach ni goufen zu Lëtzebuerg esou vill Wunnenge gebaut, ewéi an de leschte 5 Joer.** Während am Joer 2012 just 2.300 Wunnenge gebaut gi sinn, waren et der dat läscht Joer ronn 6.000. Dës Zuele ginn aus dem Monitoring vum „pacte logement" ervir. Déi ëffentlech Hand baut haut 3 mol esou vill Wunnenge wéi viru 5 Joer. Grouss Wunnprojeten op fréieren Industriefriche goufe lancéiert. Beim Projet „Wunne mat der Wooltz" entstinn z.B. Wunnunitéite fir ronn 1.800 Leit. Esouwuel d'Leit, déi eng Wunneng bauen oder kafe wëllen, ewéi och d'Locatairë goufen duerch konkret Mesuren an der **Steierreform** an duerch d'**Wunngeld („*subvention loyer*")** däitlech entlaascht.

An de leschte 5 Joer ass och vill an d'Bildungsinfrastrukturen investéiert ginn. Den Uni-Campus op Belval ass endlech a Betrib an de Bau vun neie Lycéeën zu Klierf, Déifferdeng a Munneref gouf op de Wee bruecht.

## Zukunft op Lëtzebuergesch

D'DP wëll déi verschidde Bedürfnisser vun de Leit hei am Land beschtméiglech matenaner verknäppen. Fir d'DP heescht et net „entweder ... oder", ma „**esouwuel wéi och**". Déi Approche ass zanter jeehier en Deel vun der Identitéit vun eisem Land. D'Bierger solle selwer entscheede kënnen, wéi si sech virubeweege wëllen. Fir effizient Alternativen zum Auto unzebidden, wëlle mir mat Investitiounen an den ëffentlechen Transport derfir suergen, datt dësen op mannst esou séier a bequem ass ewéi den Auto. Den Ament brauch eng Persoun zu Lëtzebuerg ronn annerhallef Stonn den Dag fir un hirem Zil unzëkommen. Déi Zäit muss däitlech verkierzt ginn! Pragmatesch Léisungen, och fir d'Mobilitéit! **D'DP wëll den Auto, de Vëlo an den ëffentlechen Transport net géinteneen ausspillen**, mä derfir suergen, datt all Verkéiersmëttel déi néideg Infrastrukturen huet, fir d'Leit méiglechst séier a komfortabel vun A op B ze bréngen.

Dat ass d'Basis vum Erfollegsmodell Lëtzebuerg, mat deem mir d'Land virun an eng sécher Zukunft féiere wäerten.

## Mobilitéit&Infrastrukturen, eng Prioritéit fir d'DP

D'DP huet d'**Mobilitéit an d'Infrastrukturen zu engem vun de fënnef Haaptsaile vum Walprogramm 2018** gemaach. D'Mobilitéit an d'Wunne gehéieren zum Alldag vun all Lëtzebuerger.

Jidderee muss sech op déi eng oder aner Aart a Weis virubeweegen a brauch en Dag iwwert dem Kapp. Och wann déi läscht 5 Joer an deene Beräicher vill geschitt ass, wäert d'DP weider massiv Efforte maachen, fir d'Mobilitéit méi effizient a méi bequem ze maachen an d'Wunne fir méiglechst vill Leit bezuelbar ze maachen. Dat nämmlecht gëllt fir aner wichteg Infrastrukturen, ewéi Schoulen, Kliniken oder Altersheemer.

D'DP wäert dëst a 7 Beräicher ëmsetzen.

## 1. Méi performant Mobilitéitsinfrastrukturen a méi kuerzer Zäit

- Trotz Rekordinvestitiounen an d'Mobilitéit an de leschte 5 Joer, lafe mir nach ëmmer eise Verkéiersproblemer no, déi duerch den immensen Nohuelbedarf entstane sinn, déi déi läscht Regierungen hannerlooss hunn.
- D'DP wäert dofir d'Investitiounen a Mobilitéitsprojete massiv an d'Luucht setzen a geplangten Infrastrukture méi séier realiséieren. D'Mobilitéitskonzept an de Plan sectoriel „Transport" musse konsequent a méi séier ewéi geplangt ëmgesat ginn. Mir wäerten dofir ë.a. déi festgesate Prioritéitelëscht iwwerschaffen an zäitlech virzéien.
- Mir gi wichtege Projeten – ewéi d'Tramverbindung Lëtzebuerg-Esch an den Ausbau vun der Stater Gare – déi héchste Prioritéit.

## 2. En attraktiven ëffentlechen Transport

- Fir effizient Alternativen zum Auto unzebidden, wëlle mir mat Investitiounen an den ëffentlechen Transport derfir suergen, datt dësen op d'mannst esou séier a bequem ass ewéi den Auto.
- Fir datt méi Leit op den ëffentlechen Transport ëmklammen, wäerte mir d'Fuere mat Bus, Zuch an Tram fir jidderee gratis maachen. De Verkaf vun Tickete bréngt mat ronn 30 Milliounen Euro just e Brochdeel vun de ronn 900 Milliounen Euro Gesamtkäschte vum ëffentlechen Transport eran. Duerch d'Ewechfale vum Ticketsverkaf a vun de Kontrolle kann en Deel vun dëse Recetten erëm kompenséiert ginn. D'DP wäert d'Sécherheetspersonal an den Zich amplaz verstäerken.
- Et geet eis awer net duer, datt d'Fuere mam ëffentlechen Transport gratis ass, dëse muss och zouverlässeg sinn an d'Bierger méiglechst séier a bequem op hir Destinatioun bréngen. Dofir wäert d'DP den Zuch- an Tramsreseau virun ausbauen. D'Tramverbindungen a Richtung Esch, Leideleng, Stroossen a Mamer wëlle mir esou séier wéi méiglech ëmsetzen. Donieft wëlle mir och den Oste vum Land, iwwert de Waldhaff, Jonglënster an Iechternach un den Tramsreseau ubannen.
- Vereelzten Zich, wéi se zum Deel nach op de Nordstrecke fueren, wäerte mir duerch neit Material ersetzen, dat net nëmme méi bequem fir d'Passagéier ass, mä och méi Kapassitéit huet.
- Och de Busreseau soll den ëffentlechen Transport méi attraktiv maachen. D'Horaire vun den Zich a vun de Busse solle besser openeen ofgestëmmt ginn. Do dernieft setzt d'DP op sougenannten Expresslinnen, déi mat esou mann wéi méiglech Tëschestoppen direkt op hirer Destinatioun ukommen. Lokal a regional Buslinne sollen d'Passagéier op dës Haaptarrête bréngen.

## 3. Innovativ Weeër an der Mobilitéit goen

- D'Digitaliséierung erlaabt et eis, fir en intelligente Verkéierssystem opzestellen, deen et an Zukunft z.B. erlaabt – jee no Trafic – d'Zuel vun de Fuerbunnen an eng Richtung ze erhéijen an an déi aner Richtung ze reduzéieren. Do dernieft wëlle mir d'Säitesträifen op den Autobunnen zu den Haaptraficszäite wa méiglech als Fuerbunn notzen.
- En intelligente Verkéierssystem wäert et eis och erlaben, fir den Trafic op den Autobunnen an op villbefuerene Landstroossen esou ze steieren, datt et manner staut. Esou e System wëlle mir mat Hëllef vu Miessapparaten, déi de Verkéier moossen, mat intelligente roude Luuchten a mat digitalen Tafelen ëmsetzen, déi de Verkéier leeden.

## 4. Verkéiersberouegung a méi Liewensqualitéit an eisen Uertschaften

- Ëmgéiungsstroossen si fir eis kee Luxus, mä eng absolut Noutwennegkeet, fir de Verkéier aus de Stied an Dierfer erauszekréien an esou d'Sécherheet op eise Stroossen an d'Liewensqualitéit an de Wunnquartieren ze erhéijen. D'DP wäert d'Prioritéit vun de geplangte Contournementer iwwerpréiwen an déi eenzel Projeten zäitlech virzéien.
- Mat der DP wäerten an Zukunft keng Ëmgéingsstroosse méi an Etappe gebaut ginn. Geplangte Contournementer, ewéi Käerjeng an Dippech oder Ettelbréck a Nidderfeelen, mussen zesummenhängend realiséiert ginn. Dëst fir sécherzestellen, datt d'Verkéiersberouegung an enger Uertschaft net zum Nodeel vun enger anerer Uertschaft geschitt.
- An der Vergaangenheet sinn eis Stroosseninfrastrukture vill ze dacks an ze klengen Etappe realiséiert ginn, esou datt d'Chantieren immens laang gedauert hunn. Dat gëllt esouwuel fir Autobunnen, fir den Tram oder fir Ëmgéingsstroossen. D'DP wëll dat änneren an zesummenhängend Projeten och zesumme plangen a realiséieren, esou datt d'Infrastrukture kënne méi séier genotzt ginn.

## 5. D'Mobilité douce fërderen

- Nieft dem ëffentlechen Transport soll – virun allem op kuerze Strecken – d'Mobilitéit zu Fouss oder mam Vëlo eng effizient Alternativ zum Auto ginn. Dofir wäert d'DP an d'Sécherheet an an d'Offer vu Vëlosweeër a vu Foussgängerweeër investéieren.
- Eng Prioritéit ass de Bau vun der „Vëlosautobunn" tëschent der Stad an Esch, déi fir e méiglechst kuerzen a flaache Wee fir Cyclisten a Pedelecfuerer tëschent deenen 2 Stied suerge soll.
- Awer och de Vëlosreseau am Rescht vum Land muss weider konsequent ausgebaut ginn. D'DP wäert d'Gesetz iwwert déi national Vëlosweeër an déi geplangte Pisten esou séier wéi méiglech ëmsetzen.

## 6. Méi bezuelbare Wunnraum schafen

- D'Wunndeierecht zu Lëtzebuerg ass virun allem dorop zréckzeféieren, datt méi Wunnenge gesicht ginn, wéi der an der Vente sinn. D'Léisung fir méi bezuelbare Wunnraum ze schafen, besteet fir eis zemol doranner, fir méi Wunnengen ze bauen.
- Mat Hëllef vum Baulandvertrag, enger DP-Initiative, wäerte mir d'Bauperimeteren an de Gemengen erweideren, ouni d'Spekulatioun op Bauland zousätzlech unzekierpen. Konkret: et komme just nach déi Terrainen an de Bauperimeter, op deenen d'Besëtzer bereet sinn, fir kuerzfristeg Wunnraum ze schafen. D'Enteegnung vu privaten Terraine kënnt fir d'DP net a Fro.
- Déi sozialpolitesch Moossnamen, déi d'DP déi läscht 5 Joer am Wunnengsbau geholl huet, weisen éischt Succèsen. Dorobber wëlle mir opbauen an d'"gestion locative sociale" ausbauen a méi attraktiv maachen. Mir wëllen och d'Wunnengsbäihëllefen („aides au logement") iwwerschaffen an eng eenzeg Waardelëscht a Form vun engem „guichet unique" fir d'Kandidaten op eng Sozialwunneng schafen.
- Bauland vum Staat oder vun de Gemenge soll méiglechst séier bebaut ginn, fir zousätzlechen, bezuelbare Wunnraum ze schafen. Mir wäerten dofir d'Gemengen incitéierten an och ënnerstëtzen, fir selwer Wunnprojeten ze realiséieren. Wann eng Gemeng z.B. all Joer ee Wunnprojet decidéiert, soll de Staat déi ganz Käschten iwwerhuelen.
- D'Geneemegungsprozedure fir Wunnprojeten am Bauperimeter musse vereinfacht ginn, fir datt méi einfach a méi séier ka gebaut ginn. Eng konkret Mesure besteet doranner, fir all d'Kompetenze fir de Wunnengsbau – déi den Ament de Ministèrë vum Logement, vun der Ëmwelt a vum Interieur ënnerleien – an engem Ministère zesummezeleeën.

### 7. Innovativ Weeër am Wunnengsbau goen

- D'DP wäert e Biergerfong schafen, an deen d'Bierger sech kënnen akafen, fir esou vum staatlech organiséierte Wunnengsbau ze profitéieren. D'Suen, déi iwwert dëse Fong generéiert ginn, sollen integral an de Bau vu bezuelbarem Wunnraum fléissen. Och de Pensiounsfong soll en Deel vu senge Reserven an de Wunnengsbau investéieren.
- Vill Besëtzer vu Bauland wëllen hiren Terrain aus ënnerschiddlechen Grënn net direkt bebauen. D'DP wäert dëse Proprietären ubidden, datt de Staat hiert Bauland fir e festgeluechten Zäitraum lount, fir bezuelbare Wunnraum ze schafen. No enger festgeluechter Zäit kann d'Konventioun verlängert ginn oder de Terrain geet nees zeréck un de Besëtzer. Steierlech Ureizer sollen esou Locatioune vu Bauland attraktiv maachen.
- D'DP huet vill Iddien, fir de Wunnengsbau virunzedreiwen. Eng Iddi, déi mat eis awer net ze maachen ass, dat si méi Enteegnungen. Mir si kategoresch dogéint, datt privat Leit hiren Terrain ewechgeholl kréien, fir datt en aneren dorobber baue kann. Als Alternativ zur Expropriatioun ass d'DP der Meenung, datt déi aktuell Méiglechkeeten, déi et schons ginn - och op Gemengenniveau - mol all richteg an intensiv solle genotzt ginn: Baulandvertrag a steierlech Incentiven, fir datt d'Leit hiert Land fräiwëlleg bebauen.

## Conclusioun

An deene leschte Joren huet sech vill gedoen, fir d'Mobilitéit an d'Wunne méi attraktiv ze maachen. Dëst ware wichteg a richteg Schrëtt, op déi déi nächst 5 Joer muss opgebaut ginn. D'DP huet dofir en ambitiéise Walprogramm am Beräich „Mobilitéit&Infrastrukturen", dee virun allem op héijen Investitiounen an op innovative Léisunge berout. Zukunft op Lëtzebuergesch ass keen entweder-oder. Am Géigendeel: Et geet drëm, d'Wunne fir jidderee bezuelbar ze maachen an all Verkéiersmëttel méi attraktiv ze maachen. Dofir steet d'DP.